# Entrevue tëschent dem SYVICOL an dem Inneministère vum 18. März zum Thema Corona-Virus

## Déi wichtegsten Informatiounen a Recommandatiounen

**Wéi eng Léisunge ginn ugestrieft, wann op Gemengen de Receveur ausfält ?**

De SYVICOL ass do am gaangen no Léisungen ze sichen. Mir hunn d'Associatioun vun den Receveure kontaktéiert mat der Propose, eng Lëscht vun aktuellen oder pensionnéierte Receveuren opzestellen, déi bereet wiren, en Dépannage ze maachen. Mir sinn eis bewosst dat der do derbäi sinn, déi vum Alter hier net an Fro kommen, well si zu den „personnes vulnérables" zielen. Dee Problem kann een awer vläicht léisen andeem och dës Leit vun doheem aus schaffen. Et ass generell wichteg, dat d'Gemenge sech esou opstellen, datt de Receveur ka vun doheem aus Zougrëff op de Server hunn. En anere Problem ass natierlech d'Remise de caisse, wéinst der perséinlecher Haftung vum „neie" Gestionnaire. Vu dat d'Crise och schwéier economesch Konsequenze wäert hunn, ass et wichteg, dat d'Gemenge Créancen, déi eventuell nach opstinn, begläichen.

**Wéi sollen d'Begriefnisser gehandhabt ginn?**

Laut dem Inneministère ass et net néideg, d'Zuel vu Participanten iwwer Règlement d'urgence ze limitéieren, well den Arrêté ministériel vum 16. März (portant sur diverses mesures relatives à la lutte contre la propagation du virus covid-19) et net erlabt, sech wéinst engem Begriefnis ze déplacéieren.

Hei en Extrait aus dem Arrêté :

**Art. 1er. La circulation sur la voie publique de toute personne physique est limitée aux seules activités suivantes :**

- acquisition de denrées alimentaires, de produits pharmaceutiques et de produits de première nécessité,

- déplacement vers les structures de santé,

- déplacement vers le lieu de travail pour l'exercice de l'activité professionnelle ou commerciale,
- assistance et soins aux personnes âgées, aux mineurs d'âge, aux personnes dépendantes, aux personnes handicapées et aux personnes particulièrement vulnérables,

- déplacement vers les institutions financières et d'assurance en cas d'urgence,

- en raison d'un cas de force majeure ou d'une situation de nécessité,

- les activités de loisirs (promenade, jogging, aires de jeux, …), sous condition de respecter une distance interpersonnelle de 2 mètres.

De SYVICOL recommandéiert de Gemengen, de betraffene Familjen un d'Häerz ze leeën, d'Begriefnis am engste Krees ofzehalen, oder d'Trauerzeremonie op ee spéideren Zäitpunkt ze verleeën.

**Wéi kann een déi sougenannten Corona-Partyen ënnerbannen?**

An där Hisiicht gëlt et geziilt a konsequent duerchzegräifen, esou wéi et de Max Hengel, Buergermeeschter vu Wormer gemaach huet: Kuckt einfach de folgende Link: **https://www.syvicol.lu/dossiers-thematiques/informations-concernant-le-coronavirus-covid-19/partage-de-documents-et-temoignages**

**Wéi ass et mat der Infoversammlung am Kader vun enger PAG an/oder PAP-Prozedur oder enger Reunioun mat Bierger am Kader vu gesetzleche Prozeduren?**

Den Intérieur ass am gaang do eng Reglung auszeschaffen, déi an den kommenden Deeg kommunizéiert gëtt.